

Rapport vun der 3. Alter-Kommissioun

01/2021

Presenzen

Present	Net present
CONRAD Frank	CARDOSO Suzana (net entschëllegt)
KOEDINGER Robert	HENSEL Jean (net entschëllegt)
RUEF Seth	<i>KAISER Elvira (aus der Kommissioun ausgetrueden?)</i>
RUEF-VOGT Liselotte	WELTER Isabelle (net entschëllegt)
SCHARLÉ Corinne	
VOSMAN-KIEFER Diane	

Ordre du Jour

1. Nomination des postes
2. Membres du conseil communal et son suppléant
3. Discussion libre
4. Fonctionnement commission 3e âge
5. Prochaine Réunion

Punkt 1: Nomination des postes

- President: KOEDINGER Roby
- Sekretär: VOSMAN-KIEFER Diane

Punkt 2: Membres du conseil communal et son suppléant

- Op Demande vum Frank huet Kommissioun sech dozou ausgesprach datt een Gemengeconseiller Member an der Kommissioun vum 3ten Alter sollt sinn
- Virschlag: MATHEKOWITSCH Claude – aktive Member vun der AMIPERAS a Gemengeconseiller

Punkt 3: Discussion libre

- Kommissiounsmemberen
 - No der Nominatioun vun den Kommissiounsmemberen duerch den Gemengerot, sinn 3 Memberen aus der 3.-Alter-Kommissioun ausgetrueden:
 - BERNARDY Emile (aus Gesondheetsgrënn)
 - KAISER Elvira – de Frank mengt d’Madamm wier aus der Kommissioun erausgetrueden – nach ze bestätegen
 - SIMON Milly, als Presidentin a Kommissiounsmember
 - Keen vun deenen Grënnungsmemberen waren present, wat eigentlech schued ass
 - Et besteet keen Dossier vun der 3.-Alter-Kommissioun – huet sech nëmmen 1 oder 2-mol getraff
 - De Frank proposéiert déi Léit di nach op der Lëscht stoungen, an déi de Gemengerot net zeréckbehalen huet (ROI – 11 Memberen) ze froen op nach Interessi do wier, awer Kommissiounsmember ze ginn. An dësem Kontext wier et och gutt ze wëssen wéi vill Léit effektiv Member an der 3. Alter-Kommissioun bléiwen
- Demande vun de Kommissiounsmemberen un de Gemengen- a Schäfferot:
 - Wéi ass deen aktuellen IST-Zoustand a Punkto 3ten Alter an onser Gemeng
 - Wat ass am MASTER-PLANG vun der Gemeng an dësem Kontext virgesinn
 - Broschür *“Seniorenfreundliche Gemeinde / Commune amies des seniors”* vum Ministère de la famille an Zesummenaarbecht mam SYVICOL an dem Conseil supérieur des Personne âgées, ufroen
- Wat bréichte mir fir den 3ten Alter an onser Gemeng?
 - Bierger-Center: Centre médicale mat Dokteren, Ergotherapeuten a Physiotherapeuten asw.
 - Foyer du Jour: wat fir een Träger kéint deen leeden? Hëllef doheim? Info-Zenter Demenz? Camille – Aides & soins à domicile? Verbandskëscht?
 - Méi Better an Alters- & Flegearrichtungen respektiv bei der ALA (Association Luxembourgeoise Alzheimer)
 - Service ubidden wéi *“CIGL”* (Centre d’Initiative et de Gestion Local), eng sozial Initiative déi aktiv den bedierftege Léit iwwert 60 Joer hëlleft
- *“Verbandskëscht”* huet schonns an engem Gespréich mat der Gemeng Interessi gewisen fir zu Béiwen een Site opzemaachen, wou net nëmme Büroen wieren, mä och een Centre wou de Léit keent gehollef ginn
- Vill Problemer Punkto Verkéier an der Gemeng, déi et den eelere Léit sech ze mobiliséieren:
 - Geforen fir iwwert Strooss, well ze vill Verkéier an och bei Rout gefuer gëtt

- Ze enk Trottoiren – net genuch Plaz fir eng Persoun mat Rollator
- Kee barrièrefräien Iwwergang bei roude Luuchten
- Notzung vun öffentlechem Transport net ëmmer méiglech fir eeler Léit – Bummelbus steet zur Verfügung
- Demarchen vun der Gemeng:
 - Service fir bedierfteg Léit besteet nach ëmmer (Medikamenter siche fueren / lessen bréngen / asw.)
 - Gemeng huet een Opruff gemaach fir zu Béiwen an der aler Gemeng een Centre Médical op ze maachen --> null Interessi
- Kommissioun soll op Demande, hiren Avis zu Projééën ginn (consultative) wéi awer och Proposen an Iddien zur Ënnerstëtzung vum 3ten Alter, un de Gemengen- a Schäfferot ginn

Punkt 4: fonctionnement commission 3e âge

- Roby freet den Schlëssel fir den Veräinsbau “Koll” zu Bruch beim Steve Rollinger no
- Rapport :
 - gëtt op lëtzebuergesch verfaasst
 - am Rapport gëtt schonns een OdJ fir déi nächst Versammlung matgeschéckt
 - als éischt un Memberen vun der Kommissioun verschéckt fir Feedback
 - no 2-5 Deeg gëtt de verbesserte Rapport un Tanja Asselborn an den Yves Munchen gemailt
- am Mail un d’Gemeng freet de Sekretär direkt d’Reservatioun vum Sall fir déi nächst Versammlung
- Ordre du jour vun der nächster Versammlung steet am lëschte Punkt vum Rapport, zesummen mam Datum vun der Versammlung

Punkt 5: Prochaine réunion

- Ordre du jour:
 1. Analyse de la situation actuelle dans notre commune: organismes publics / services et aides proposés / activités proposées / association et commission engagée dans le contexte du 3e âge
 2. Plan organisation pour le futur: jidder Member soll fir d’Versammlung eng bëssen ausgeschafften Iddie matbréngen, wat hien als prioritär wéilt ëmsetzen
 3. Divers
- Mir treffen ons déi nächste Kéier den **Donneschden, 29. Juli 2021 um 19h00 zu Bruch an der KOLL**

Dir sidd all härerlechst zu dëser Versammlung agelueden an är Presenz wier ons wichteg. Merci.